P 2079 ID 5702

Transmis pour information aux honorables membres de la
- Conférence des Présidents
- Commission des Pétitions
- Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Energie et de l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 6 mai 2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 28 mars 2022

Chambre des Députés
Monsieur le Président
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Références : 005389
Dossier suivi par : JAERLING Chantal
Tél. (+352) 247-86859
E-mail : chantal.jaerling@mev.etat.lu

**Objet :** CHD - Pétition 2079 — E legale Kader fir Iwwernuechtungen an der Natur - Réponse

Monsieur le Président,

Je vous prie de trouver en annexe ma prise de position par rapport à la pétition n°2079.

Veuillez agréer, Monsieur le Président , l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

130-000008-2004525-FR

**Petitioun n°2079 "E legale Kader fir Iwwernuechtungen an der Natur"**

## 1. Reegele vum lëtzebuergeschen Code civil, der Bëschgesetzgebung, dem Naturschutzgesetz an der Legislatioun iwwert de Camping

All Bësch zu Lëtzebuerg huet ee Proprietaire, deen entweder eng Privatpersoun oder eng ëffentlech Institutioun ass. Wat d'Proprietéit an déi domat verbonne Rechter betrëfft, gëtt keen Ënnerscheed gemaach ob de Proprietaire privat oder ëffentlech ass. De lëtzebuergeschen Code civil schützt d'Proprietéit an erlaabt kengem Drëtte sech iergendwelche Rechter dorop unzehuelen. Laut dem Code civil ass d'Proprietéitsrecht (droit de propriété) en *droit réel*, also ee Recht op d'Proprietéit selwer. Domatt ass et just dem Proprietaire erlaabt seng Proprietéit ze benotzen (droit de l'user) an dëst esou wéi et him gefällt am Aklang mat de Gesetzer.

Wann ee Gesetz et Drëtten net explizit erlaabt, dass ee Grondstéck vun engem Aneren dierf benotzt oder beschratt ginn, dann schützt a priori de Code civil d'Integritéit vum private Besëtz. An der Theorie heescht dat, dass een Drëtten ee Bësch just dann dierf betrieden, wann en d'Erlaabnis vum Proprietaire (oder deemjéinegen deen d'Notzungsrecht huet) huet. An der Praxis gëtt et an de Bëscher awer eng gewëssen Toleranz, déi et jidderengem erlaabt do spadséieren ze goen. Verschidde Bëschbesëtzer toleréieren dëst allerdéngs net, well laut Gesetz de Proprietaire vum Bësch zur Verantwortung gezu ka ginn, wann Drëtter a sengem Bësch zu Schued kommen. Dat neit Bëschgesetz, dat sech aktuell an der finaler Phase vun der legislativer Prozedur befënnt a gläich an der Chamber wäert zur Debatt stoen (Projet de loi n°7255 relatif aux forêts), wäert Drëtten den Zoutrëtt zu Bëscher erlaben. Heibäi handelt et sech ëm ee richtege Paradigmewiessel. Mat deem neie Gesetz ka kee Proprietaire engem Drëtten op Basis vu sengem Proprietéitsrecht den Zoutrëtt a säi Bësch verbidden. Allerdéngs beschränkt sech dat neit Gesetz op déi bestoend Weeër am Bësch. Et wäert Drëtte weiderhinn net erlaabt sinn sech ouni Erlaabnis ausserhalb vun de Weeër Zoutrëtt zum Bësch ze verschafen.

D'Naturschutzgesetz beinhalt Dispositiounen déi de Bësch schützen. Par conter ass d'Fro vun Iwwernuechtungen am Bësch (sief et mat Zelt oder Biwak oder just engem Schlofsak) doranner net explizit gereegelt. Well een Zelt dat ee fir eng oder eventuell e puer Nuechten opstellt net als Konstruktioun an der Gréngzon no Artikel 6 vum Naturschutzgesetz unzegesinn ass, brauch een och vun dem Ëmweltminister dofir keng extra Autorisatioun.

Wat d'Campingsgesetzgebung ugeet, konfirméiert dës d'Approche vun der Proprietéit aus dem Code civil. Den Artikel 6 vum Gesetz vum 11 Juli 1957 portant réglementation du camping gesäit, wat d'campéieren ausserhalb vun ëffentlechen Campingen ugeet, folgendes vir:

*"Pour camper sur tous terrains privés, autres que ceux qui sont visés par la présente loi, il faut la permission du propriétaire, de la personne qui en a la jouissance ou de son représentant. La permission peut être tacite."*

Sief hei nach gesot dass d'Expressioun "tous terrains privés" souwuel Terrainen am Bauperimeter, wéi och an der Gréngzon (Bësch, Gewan, etc.) beinhalt.

Doriwwer eraus hunn d'Gemengen och d'Méiglechkeet laut dësem Gesetz, d'Campéieren op privaten Terrainen um Gemengenterritoire ganz ze verbidden oder anzeschränken, dëst mam Accord vum Inneminister a vum Tourismusminister. Den Artikel 8 vun dësem Gesetz beseet: *"Les règlements des administrations communales tendant à interdire ou à restreindre l'établissement de terrains de camping publics ou le camping sur terrains privés, doivent être approuvés par le Ministre de l'Intérieur et le Ministre qui a dans ses attributions le tourisme."*

## 2. Méiglech Léisungen

Am Fall wou de Legislateur esou ee System wéi dee vum Petitionnaire proposéierte System wéilt aféieren, misst een souwuel de Code civil, wéi och d'Campingsgesetz an dat zukünftegt Bëschgesetz änneren.

An der Natur respektiv am Bësch ze iwwernuechten ass am Moment op enger séllege Plazen hei am Land méiglech. Et gëtt eng Rei Campingen, Aubergen an Hoteler, déi Iwwernuechtungen an engem naturnoe Kader ubidden. Dës Plaze si konform mat de Gesetzer an se sinn dorop ausgeluecht, dass de Schued fir Natur, Déieren an Ëmwelt op engem strikte Minimum gehale gëtt.

De Petitionnaire huet als Zil, d'Iwwernuechtungen an der Natur ze förderen, well dës gutt fir d'Gesondheet wieren. Dës Approche gëtt net nëmmen vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung gedeelt, mee och vum Wirtschaftsministère (Direction générale du Tourisme). An de leschte Joeren gouf een Transportservice vir d'Gepäck vu Spadséiergänger, Wanderer a Vëlosfuerer, déi d'Land etappeweis wëllen entdecken, op d'Been gestallt. Dëse Service erlaabt hinnen d'Land ze entdecken, wärend hiert Gepäck hinnen *à distance* nokënnt. D'Gepäck gëtt vun engem kommerziellen Hebergement (Hotel, Camping, Jugendherberg) zum aneren transportéiert.

Vun dësem Service profitéieren nët nëmmen déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Land entdecken wëllen, mee och den Tourismussecteur hei am Land.